



**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 6413 vum 28. Juni 2022 vum Här Deputéierten Max Hahn.**

D'Iddi vun enger Plattform, déi änlech wéi Uber oder aner vergläichbar Ubidder funktionéiere soll baséiert sech op engem aktuelle Manktem vun Transparenz bei der Offer an de Präisser wéi och d'Garantiéiere vum Anhale vun den Aarbechtsgesetzgebung an de sozialen Standarden am Secteur. Ausserdem sollen déi zwee Type vun Servicer, d'Taxien an VLCen (voiture de location avec chauffeur) zu engem eenzegen Regime zesumme gefouert ginn. Dëst entsprécht och de Rekommandatioune déi déi Europäesch Kommissioun de 4. Februar 2022 iwwert de lokalen bezuelten Passagéiertransport eraus ginn huet, fir dës Servicer an Europa méi eenheetlech ze regelen a fir Abusen ze ënnerbannen.

Wéi genee esou eng Plattform lo kéint ausgesinn a wat déi genee Modalitéiten sinn, soll an deenen nächste Wochen an engem Aarbechtsgrupp zesumme mat den Acteuren aus dem Secteur ausgeschafft ginn. Am spéiden Hierscht misst da fest stoe wéi de Projet weidergeet.

Wëll viles vum Resultat vun dëse Gespréicher ofhänkt, ass et am Moment nach net méiglech fir op déi aner Froen ze äntwerten.

Lëtzebuerg, den 22. August 2022

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch